N°3012
Entrée le 11.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité des genres
et de la Diversité

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit, vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, an dem Inneminister op d'parlamentaresch Fro n° 3012 vum 9. Oktober 2025 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

1. **Verfüügt d'Regierung iwwer Donnéeën oder en Inventaire iwwert d'Zuel vun ëffentleche Gebaieroder ëffentlech zougängleche Plazen (Restauranten, Akafszentren, asw.), déi aktuell mat Wéckeldëscher op de Männertoiletten equipéiert sinn**

D'Regierung verfüügt net iwwer entspriechend Donnéeën.

2. **Wat sinn déi aktuell legal oder reglementaresch Bestëmmungen, op nationalem oder kommunalem Niveau, déi d'Flicht zur Installatioun vu Wéckeldëscher encadréieren? Gëtt heibäi en Ënnerscheed nom Geschlecht gemaach?**

Et gëtt keng generell Obligatioun fir d'Installatioun vu Wéckeldëscher. Eng entspriechend Obligatioun ass just an den Artikelen 29 an 30 vum 'Règlement grand-ducal du 20 décembre 2001 portant exécution des articles 1er et 2 de la loi du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'État et les organismes œuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique pour ce qui concerne l'agrément gouvernemental à accorder aux gestionnaires de structures d'accueil sans hébergement pour enfants' gemaach, wou eng Installatioun vun engem Wéckeldësch an de Buedzëmmer vu spezifesche Betreiungsstrukture fir Kanner virgesinn ass, woubäi keen Ënnerscheed nom Geschlecht gemaach gëtt.

3. **<u>Deelt d'Regierung d'Meenung, datt eng inklusiv Infrastruktur, besonnesch duerch d'Presenz vu Wéckeldëscher, déi fir all Elterendeeler zougänglech sinn, en essenziellt Element ass, fir d'Gläichstellung vun de Genren an d'Wuelbefanne vum Kand ze färderen?</u>**

D'Regierung steet fir eng Gläichstellungspolitik, déi Akzenter an der sougenannter Care-Arbecht setzt, dat heescht déi Aarbechten déi bei der Suerg a Virsuerg, der Fleeg a Betreiung vu Familljememberen, y compris Hausaarbecht, Krankenfleeg, Kannererzéiung a Kannerbetreiung, ufalen.

Wat d'Erzéiung vun de Kanner betrëfft, sou weisen d'Zuelen aus dem Observatoire de l'égalité des genres vum Gläichstellungsministère iwwert de Congé parental vun 2017 bis 2024 e kloren Trend no uewe bei de Pappen, déi besonnesch de sougenannten zweete Congé parental an Usproch huelen. Aner wichteg Indicateure sinn den Taux vun der Deelzäitaarbecht bei de Männer oder nach d'Unzuel vun de Stonnen, wou d'Pappen sech an der Moyenne an der Woch em d'Garde vun de Kanner an em d'Kannererzéiung këmmeren.

Dës Entwécklunge kënnen dorop hi weisen, datt sech d'Rolleverdeelung an de Familljen no an no verännert an d'Pappen sech haut verstäerkt wëllen an der Kannerbetreiung abréngen. Et ass wichteg, dat sech dëst haut och am Kader vun enger inklusiver, ëffentlecher Infrastruktur an am ëffentleche Liewe muss erëmspigelen.

4. **<u>Gesäit d'Regierung fir, legislativ oder reglementaresch Moossnamen z'ergräifen, fir d'Installatioun vu Wéckeldëscher an de Männertoilette bei Neibauten oder bei gréissere Renovatioune vun ëffentlech zougängleche Plazen obligatoresch ze maachen?</u>**

5. **<u>Am Kader vun den Aarbechten um Gesetzesprojet 8480, wier d'Regierung bereet, dës Fuerderung opzegräifen an a Form vun engem Amendement anzebréngen? Wann jo, wéi ee Ministère wier zoustänneg, fir esou eng Initiativ ze leeden a bannent wéi engem Zäitraum kéint dës ëmgesat ginn?</u>**

Am Kader vun der Ausaarbechtung vum nationale Bautereglement wäert d'Regierung eng Dispositioun virgesinn, déi festleet, datt Wéckeldëscher an neutrale Raim solle virgesi ginn, déi fir jidderee zougänglech sinn, an net nëmmen an den Toilettë fir Männer oder Fraen. De Gesetzesprojet Nr. 8480 bezitt sech op d'Beschleunegung vun den administrative Prozeduren am Bauberäich. Hien eegent sech deemno net dozou, eng Bestëmmung anzeféieren, déi d'Installatioun vu Wéckeldëscher an engem spezifesche Kader reegelt.

Lëtzebuerg, den 10. November 2025

D'Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit

(s.) Yuriko Backes